# NATIONALEN AKTIOUNSPLANG FIR DIGITAL INKLUSIOUN

## Fir eng digital inklusiv Gesellschaft

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Digitalisation

**Impressum**

Dës Broschür stellt den Nationalen Aktiounsplang fir digital Inklusioun vir, deen de 24. September 2021 vum Regierungsrot ugeholl gouf. Dëst ass eng lëtzebuergesch Iwwersetzung vum franséischen Original.

**Koordinatioun vun den Aarbechten fir den Nationalen Aktiounsplang**

Ministère fir Digitaliséierung

**An Zesummenaarbecht mat**

Staatsministère
Aussen- an Europaministère
Kulturministère
Wirtschaftsministère
Ministère fir Educatioun, Kanner a Jugend
Ministère fir Energie a Landesplanung
Ministère fir Héichschoul a Fuerschung
Ministère fir Gläichstellung tëschent Fraen a Männer
Ministère fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung
Ministère fir Famill, Integratioun an d'Groussregioun
Finanzministère
Ministère fir d'Fonction publique
Wunnengsbauministère
Ministère fir Konsumenteschutz
Gesondheetsministère
Ministère fir bannenzeg Sécherheet
Sportsministère
Ministère fir Aarbecht, Beschäftegung a fir Sozial- a Solidarwirtschaft

**Layout**

Quattro Creative Studio (wearequattro.com)

**Drock**

Exepro Print & Packaging

MADE IN LUXEMBOURG

myclimate neutral Imprimé
myclimate.org/01-21-303202

BLUE ANGEL THE GERMAN ECOLABEL

# INHALT


**04** Fir eng digital inklusiv Gesellschaft

**07** Eng gemeinsam Approche, fir vilfälteg Erausfuerderunge kënnen unzegoen

- Wat versteet een ënner digital Inklusioun?
- Wien ass dovunner betraff?
- Wat sinn d'Prioritéiten?
- Wéi eng Léisungen ginn et?

**13** D'strateegesch Hiewele

- D'Motivatioun an d'digitaalt Vertraue steigeren
- Accès zu digitalen Technologië vereinfachen
- Digital Kompetenzen entwéckelen


**34** Suivi an Evaluatioun

# FIR ENG DIGITAL INKLUSIV GESELLSCHAFT

D'digital Revolutioun, déi duerch d'technologesch Entwécklungen aus de leschte Joerzéngten ausgeléist gouf, huet Auswierkungen op eist Liewen. Eis Gewunnechten änneren an alle Beräicher: Administrativ Demarchen oder Bankgeschäfter online maachen ass eppes ganz Alldeegleches ginn, mir kafen am Internet an oder fannen en extreem raart Buch op der anerer Säit vum Planéit, ouni eis musse vum Kannapee ze hiewen ...

Och wa fir déi eng Begrëffer wéi Cloud, virtuell Realitéit, kënschtlech Intelligenz oder Blockchain schonn zu hirem Vocabulaire zielen, gëtt et awer och nach vill Leit, déi sech aus verschiddene Grënn duerch déi vill nei Opportunitéiten, déi déi digital Welt mat sech bréngt, iwwerfuerdert oder esouguer ausgeschloss fillen. Esou entsteet lues a lues e Gruef tëschent deenen, déi gewinnt sinn, digital Technologien ze benotzen, an deenen, déi net an der digitaler Welt doheem sinn.

D'sanitär Kris, déi duerch de Coronavirus verursaacht gouf, huet d'Gefore vun engem eventuellen digitalen Ecart däitlech gewisen. Nom Ausbroch vun dëser aussergewéinlecher Kris hu sech verschidde vun eise Bierger mat den digitale Produiten a Servicer, déi hinnen ugebuede goufen, schwéiergedoen: hir administrativ Demarchen online maachen, hir Kanner am



Homeschooling begleeden, Outile benotzen, fir mat Persounen, déi wäit ewech liewen, a Kontakt ze bleiwen … Dës kritesch Zäit huet ganz drastesch gewisen, wéi wichteg d'digital Inklusioun fir déi sozioekonomesch Kohäsioun vun eisem Land ass.

Fir dëser digitaler Kluft, déi der ganzer Gesellschaft schuet, entgéintzewierken, huet d'Regierung sech engagéiert, en Aktiounsplang opzestellen, deen d'Inklusioun vu jiddwerengem an der digitaler Transformatioun vun der Gesellschaft soll garantéieren. Ee vum Ministère fir Digitaliséierung koordinéierten interministeriellen Aarbechtsgrupp gouf geschaf, fir all d'Facettë vun der digitaler Inklusioun ze analyséieren an openeen ofgestëmmt Aktiounen anzeféieren, fir op déi ermëttelt Besoinen anzegoen. Doniewent huet de Ministère fir Digitaliséierung och eng ganz Partie net staatlech Acteure consultéiert, déi an dësem Beräich aktiv sinn, fir all d'Erausfuerderungen, déi d'digital Inklusioun mat sech bréngt, ze berécksichtegen a passend Léisungen ze fannen.


Dësen Aktiounsplang ass d'Resultat vun all deenen Diskussiounen a Consultatiounen a soll d'Opkomme vun enger digital inklusiver Gesellschaft vereinfachen. E schaaft d'Grondlag fir nohalteg Aktiounen am Beräich vun der digitaler Inklusioun a mécht et méi einfach, fir aus dem Digitalen e wirtschaftlechen a sozialen Hiewel fir all déi ze maachen, déi sech fir déi digital Welt entscheeden.

**Xavier BETTEL**
Minister fir Digitaliséierung

**Marc HANSEN**
Delegéierte Minister fir Digitaliséierung

# ENG GEMEINSAM APPROCHE

**FIR VILFÄLTEG ERAUSFUERDERUNGE KËNNEN UNZEGOEN**



# Wat versteet een ënner digital Inklusioun?

**D'Zil vun der digitaler Inklusioun ass, all Mënsch déi nämmlecht Chancen ze ginn, fir Deel vun der digitaler Gesellschaft ze sinn. Fir datt dat geléngt, mussen d'Erausfuerderungen, déi sech an däsem Beräich stellen, identifizéiert ginn.**

D'Regierung huet déi digital Transformatioun an den Zentrum vun hire Projete gestallt, mam Wëllen, eng digital Spaltung vun der Gesellschaft ze vermeiden, déi jiddwerengem géif schueden. Dësen nationalen Aktiounsplang fir digital Inklusioun gouf vum Ministère fir Digitaliséierung ausgeschafft, dëst an enker Concertatioun mat engem interministeriellen Aarbechtsgrupp, deen der digitaler Inklusioun gewidmet ass, a mat Hëllef vu bilateralen Echangë mat Associatiounen a verschiddenen net staatlechen Acteuren, déi a Kontakt sti mat Deeler vun der Bevëlkerung, déi eventuell net an der digitaler Welt doheem sinn.

An dësem Kontext an aus der Erkenntnis eraus, datt den Engagement vun der ganzer Gesellschaft noutwendeg ass, fir eng digital Spaltung ze vermeiden, war eng Vilfalt vun Acteuren um Ausschaffe vun dësem Aktiounsplang bedeelegt, dëst iwwer eng schrëftlech Consultatioun an e Meenungsaustausch:

**Consultatiounsdebat** an der Chamber, organiséiert op Ufro vum Ministère fir Digitaliséierung.

**3 Versammlunge** vum interministeriellen Aarbechtsgrupp mat 27 Representanten aus 19 Ministèren.

**39 Retoure vu Questionnairen** iwwer déi besteeënd Initiative beim Staat.

**17 Echangë** mat net staatlechen Acteuren.

**19 Retoure vu Questionnairen** iwwer d'Erwaardungen an d'Besoine vun der Zivilgesellschaft.

Duerch d'Echangë mat de Membere vum interministeriellen Aarbechtsgrupp konnt eng éischt Bestandsopnam vun de lafenden Aktioune vun der Regierung gemaach an e Katalog vun Aktiounen a Projeten, déi déi verschidde staatlech Entitéiten wëllen ëmsetzen, fir enger digitaler Spaltung bei hiren Zilgruppen entgéintzewierken, opgestallt ginn. Dës Bestandsopnam gouf mat den Informatiounen, déi duerch d'Consultatioune vun der Zivilgesellschaft gesammelt goufen, ergänzt. Wärend dësen Echangë konnt de Ministère fir Digitaliséierung sech méi genee mat de Schwieregkeete vun deenen Deeler vun der Bevëlkerung befaassen, déi net an der digitaler Welt doheem sinn.

**D'Hindernisser fir d'Digitaliséierung, mat deenen d'Bierger konfrontéiert sinn, gi vu Fall zu Fall staark ausernee.**

Festzehalen ass, datt déi befroten Acteure betount hunn, datt d'Hindernisser fir d'Digitaliséierung, mat deenen d'Bierger konfrontéiert sinn, vu Fall zu Fall staark ausernee ginn an datt d'Grënn fir e sougenannten „éloignement du numérique" oft ganz ënnerschiddlech sinn. Niewent der Komplexitéit vun der Situatioun sinn d'Vilsäitegkeet vun der Gesellschaft an d'Disparitéit vun de Besoinen an den Erwaardunge vun de Bierger, jee no hirem Vulnerabilitéitsgrad géintiwwer der Digitaliséierung, aner Aspekter. Dobäi kann et sech besonnesch ëm altersbedéngt Grënn handelen: Verschidde Persounen hunn e méi oder manner grousse Besoin un Informatiounen a Formatiounen. D'digital Accessibilitéit, d. h. d'Fäegkeet, op digital Inhalter (Internetsitten, mobil Applikatiounen, Multimedia Supporten …) zouzegräifen, déi duerch verschidde Grënn, z. B. duerch eng Behënnerung, kann ageschränkt sinn, ka sech op d'digital Inklusioun auswierken. Ausserdeem sinn den Niveau vun den digitale Kompetenzen an ongenügend Sproochkompetenzen oder Schwieregkeeten am Liesen a Schreiwe Facteuren, déi net ze vernoléissege sinn an déi en Afloss op den digitalen Inklusiounsniveau vun den eenzele Persounen hunn. Schlussendlech muss een och bedenken, datt déi technologesch Entwécklung net ofräisst. Esou mussen och d'Projeten an d'Initiativen am Beräich vun der digitaler Inklusioun mat den neien Technologië mathalen, fir kontinuéierlech qualitativ Informatiounen a Formatiounen unzebidden.

# Wien ass dovunner betraff?

- Eng héich Zuel vun **eelere Leit** huet keng oder wéineg néideg digital Kompetenzen an et feelt hinnen u Motivatioun oder Vertrauen, fir déi digital Outilen ze benotzen.
- Verschidde Persoune mat **Behënnerung** stoussen op Problemer a puncto digital Accessibilitéit.
- Déi **am wéinegste qualifizéiert Aarbechter** hunn dacks net déi néideg digital Grondkenntnisser.
- Ënner de **Chômeuren** ass festzestellen, datt verschiddener net iwwer déi néideg digital Grondkenntnisser verfügen, fir erëm um Aarbechtsmaart Fouss ze faassen.
- Eng gewëssen Zuel vu **Persoune mat nidderegem Akommes** stéisst op Problemer a puncto digitalen Accès an et feelt hinnen u Motivatioun, fir d'digital Technologien ze benotzen.
- Eng gewëssen Zuel vu **Migranten** huet keen digitalen Accès oder verfüügt net iwwer déi néideg digital Grondkenntnisser, fir d'digital Technologien ze benotzen.
- E Brochdeel vun den **Demandeuren a Beneficiairë vun der Protection internationale**, huet net déi néideg Moyenen, fir d'digital Technologië benotzen ze kënnen.
- Eng gewëssen Zuel vu **Fraen a Männer** leit nach ëmmer ënner engem Ecart am Beräich vun der Digitaliséierung.
- Bei de **Jonke** stoussen Eenzeler op Problemer a puncto digital Grondkenntnisser.

# Wat sinn d'Prioritéiten?

**Vereinfachung**
vum Accès zu den digitalen Outile

**Férderung**
vun der Entwécklung vun den digitale Kompetenze

**Entgéintwierken**
vun de regionalen Differenze bei den digitalen Offeren

**Sensibiliséierung**
fir d'Online-Sécherheet an d'Online-Gestioun vun den Informatioune

**Motivatioun**
fir d'Benotze vun den digitalen Technologië

De kontaktéierten Associatiounen no muss d'digital Entwécklung integrativ sinn, fir sozial Vulnerabilitéiten ze vermeiden, gläichzäiteg däerf se awer keng Obligatioun si fir d'Bierger zu Lëtzebuerg. Esou mussen déi analog Alternative garantéiert bleiwen. D'Representante vun den Associatiounen hunn och ëmmer erëm betount, datt e grousse Besoin u Formatioune fir d'Ekippe vun den Associatiounen an aner Acteuren, déi am Beräich vun der digitaler Inklusioun zu Lëtzebuerg aktiv sinn, besteet.

Fir déi net staatlech Organisatiounen an Associatiounen, déi kontaktéiert goufen, sinn iwwerdeems d'Online-Sécherheet, den Accès an d'digitaalt Léieren **déi gréisst Erausfuerderungen, fir datt d'digital Inklusioun zu Lëtzebuerg ka geléngen**. Dësen Organismen no erméiglechen den Accès zu den digitale Kompetenzen an déi entspriechend Formatiounen duerno d'Entwécklung vun der digitaler Motivatioun a vum digitale Vertrauen.


# Wéi eng Léisungen ginn et?

Enner Berécksiichtegung vun den ënnerschiddlechen Zilgruppe gi folgend Léisungen als am Sënnvollste betruecht:

- kollektiv an individuell dezentraliséiert Coursen ubidden;
- Helpdesken ubidden;
- digital Espace-publicken ubidden;
- Vertrauenspersounen erlaben, administrativ Online-Demarchen amplaz vum betraffene Bierger duerchzeféieren;
- Tutorialen an explikativ Videoen ausschaffen an online ubidden.

# DÉI STRATEEGESCH HIEWELE

**FIR ENG DIGITAL INKLUSIV GESELLSCHAFT**



# Déi 40 Initiativen op engem Bléck

## D'Motivatioun an d'digitaalt Vertraue steigeren

**01.**
Internetportal www.zesummendigital.lu

**02.**
Interdisziplinäre Forum fir digital Inklusioun

**03.**
Järlechen Dag vun der digitaler Inklusioun

**04.**
Pedagogesch Videoen iwwer déi nei Technologien

**05.**
Digital Inklusioun op kommunalem Niveau

**06.**
Järlechen Opruff fir Kandidature fir d'Finanzéierung vu Pilotprojeten

**07.**
Etüd iwwer d'Auswierkung vun de rezenten digitalen Evolutiounen

**08.**
Internetportal Cybersecurity Luxembourg

**09.**
Sensibiliséierungscampagnen fir eng responsabel Benotzung vun den digitalen Technologien

**10.**
Informatiounscampagnen iwwer Cybersécherheet

**11.**
Förderung vun der BEE SECURE Stopline an Helpline

## Accès zu digitalen Technologië vereinfachen

**01.**
Fuerschungsprogramm iwwer d'Benotzerfrëndlechkeet vun den ëffentlechen digitale Servicer

**02.**
Strategie „Gouvernance électronique 2021-2025"

**03.**
Verstäerkung vum barrièrefräien Zougang op digital staatlech Servicer a Produiten

**04.**
Virundreiwen vun der einfacher Sprooch op Guichet.lu

**05.**
Digital Procuratioun?

**06.**
Entwécklung vun der MyGuichet.lu App

**07.**
Dezentraliséierung vu Guichet.lu?

**01.**
Formatiounen an den digitale Kompetenzen

**02.**
E-Banking Formatiounsmodüll

**03.**
Formatioun iwwer d'digital Inklusioun

**04.**
Strategie „einfach digital"

**05.**
Formatiounen iwwer eng sécher Benotzung vum Internet

**06.**
Färderung vun den STEM-Fächer

**07.**
Informatiounsversammlunge „Silver Surfer – surfer en toute sécurité"

**08.**
Coursë fir eng Basisausbildung vun Erwuessenen

**09.**
Promotioun vun Cybersécherheetsberuffer bei Fraen a Meedecher

**10.**
„Lëtz Cybersecurity Challenge"

**11.**
Aféierung an d'Codéieren

**12.**
„Digital Skills and Jobs Coalition"

**13.**
Formatioun iwwer d'digital Accessibilitéit vun den Agenten aus dem ëffentleche Déngscht

**14.**
Formatiounen fir Aarbechtssichender

**15.**
Weiderentwécklung vun der *Digital Academy*

**16.**
Formatiounen fir jonk Aarbechtssichender

**Digital Kompetenzen entwéckelen**

**08.**
Didaktesch Hëllefsmëttel fir op déi ëffentlech digital Servicer zouzegräifen

**09.**
Accessibilitéit vun den ëffentleche Websitten a mobillen Applikatiounen

**10.**
PDF Format/U.A. *Universal accessibility*

**11.**
Plattformen am universellen Design


**12.**
Sensibiliséierung fir digital Accessibilitéit

**13.**
Strategie „Une connectivité performante pour tous"

# D'Motivatioun an d'digitaalt Vertraue steigeren

**D'Motivatioun fir d'digital Technologië** weist, wéi motivéiert eng Persoun ass, fir sech un der digitaler Welt ze bedeelegen a fir digital Outilen an den Internet ze benotzen. Am wäite Sënn erkennt eng „fir d'digital Technologië motivéiert" Persoun kloer, wéi d'digital Technologien hir hëllefen, fir sech weiderzeentwéckelen oder fir vun neien Opportunitéiten ze profitéieren. D'Motivatioun kann ee par rapport zu zwee verschiddenen Aspekter verstoen: d'Perceptioun vum Notze vun den digitale Léisungen an d'Kenntnis vun den Online-Informatiounen a Servicer, déi fir de Benotzer nëtzlech sinn.

**D'Vertrauen an déi digital Welt** berout engersäits op enger Visioun vun digitalen Infrastrukturen, Outilen a Servicer, déi d'digital Sécherheet beschtméiglech kënne garantéieren. Anerersäits hëlt d'Vertrauen enorm zou, jee nodeem wéi dem Benotzer seng eege Kapazitéiten sinn. En zouversiichtleche Benotzer ass sech de potenzielle Geforen a Bedrounge vun den Online-Outile bewosst a verfüügt iwwer déi richteg Reflexer, fir sech ze schützen.



D'Initiative fir d'digitaalt Vertrauen ze steigeren, konzentréiere sech dofir op zwee zentral Aspekter: **Sensibiliséirung fir déi digital Erausfuerderungen a Geforen** an **déi néideg Kompetenzen, fir ënner anerem d'Basistechnologien ze benotzen**.

## 01

**Ausschaffen**, duerch de Ministère fir Digitaliséierung, **vum Internetportal zesummendigital.lu**, dat der digitaler Inklusioun gewidmet ass. Dëst Portal wäert nëtzlech Informatiounen iwwer d'Acteuren aus dem Beräich vun der digitaler Inklusioun an déi besteeënd Offeren an och Informatiouns-, Sensibiliséierungs- a Selbsthëllefspublikatiounen a -ressourcen, déi d'digital Inklusioun fërderen, regruppéieren. **D'Zil ass, de besteeënden Offeren eng maximal Visibilitéit ze ginn, d'Ressourcen ze promovéieren a se der Ëffentlechkeet zur Verfügung ze stellen**.

## 02

Animéieren, duerch de Ministère fir Digitaliséierung, vun engem **interdisziplinäre Forum**, dee ministeriell Departementer, Representantë vun den Acteuren, déi am Beräich vun der digitaler Inklusioun aktiv sinn, an den Acteuren, déi sech ëm Persoune këmmeren, déi net an der digitaler Welt doheem sinn, zesummeféiert, fir Iddien iwwer d'Thematiken an d'Aktualitéite ronderëm d'digital Inklusioun auszetauschen.

## 03

Organisatioun, duerch de Ministère fir Digitaliséierung, vun engem **Dag, deen der digitaler Inklusioun gewidmet ass – de 17. Mee –**, dëst am Kader vum Weltdag vun der Telekommunikatioun an der Informatiounsgesellschaft. D'Zil ass, méi **Visibilitéit** vun den **Acteuren** an de **besteeënden Initiativen** zu Lëtzebuerg am Zesummenhang mat der digitaler Inklusioun ze schafen.

## 04

Aféierung, duerch de Ministère fir Digitaliséierung, vun engem **järlechen Opruff fir Kandidature fir d'Finanzéierung vu Pilotprojeten**, déi d'digital Inklusioun förderen.

## 05

**Sich no verschiddene Collaboratiounen** tëschent dem Ministère fir Digitaliséierung an dem Syvicol, fir d'digital Inklusioun op kommunalem Niveau ze promovéieren. D'Zil ass, **d'digital Inklusioun op lokalem Niveau ze förderen an ze ënnerstëtzen**, an de regionalen Ënnerscheeder a puncto Offer, déi wärend den Enquêten iwwer den État des lieux vun der digitaler Inklusioun zu Lëtzebuerg festgestallt goufen, entgéintzewierken.

## 06

Kreatioun, duerch de Ministère fir Digitaliséierung, vun enger Rei vu **pedagogesche Videoen iwwer déi nei Technologien an d'Benotze vun den digitalen Technologië** wéi och hir positiv Auswierkung op d'Bierger an d'Gesellschaft. Dës Videoe sollen hëllefen, **d'Sensibiliséierung vun der Ëffentlechkeet** fir d'Opportunitéiten, déi d'Digitaliséierung bitt, ze ënnerstëtzen.

## 07

Aféierung, duerch de Ministère fir Digitaliséierung, vun enger **Etüd iwwer d'Auswierkung vun de rezenten digitalen Evolutiounen** op déi Deeler vun der Bevëlkerung, déi net an der digitaler Welt doheem sinn.

## 08

**Kontinuéierlech Sensibiliséierung vun der Ëffentlechkeet fir eng responsabel Benotzung vun den neien Informatiouns- a Kommunikatiounstechnologien** duerch Sensibiliséierungscampagnen a Ressourcen iwwer d'Online-Sécherheet, d'Online-Verhalen an d'Benotze vun den digitalen Technologien duerch BEE SECURE, ënner der Tutelle vum Ministère fir Educatioun, Kanner a Jugend. Déi national Campagnë vu BEE SECURE erweideren d'Kenntnisser vun de Bierger iwwer eng sécher Benotzung vun den digitalen Technologien, entwéckelen déi **digital Biergerschaft** a steigeren esou **d'Vertraue** vun de Bierger an déi digital Welt.

## 09

**Verstäerkung vun der Kommunikatioun iwwer d'BEE SECURE Stopline an Helpline**, fir se der Ëffentlechkeet zu Lëtzebuerg méi no ze bréngen. De Service BEE SECURE Helpline bitt eng gratis, anonym a vertraulech Consultatioun iwwer d'Online-Sécherheet an eng responsabel Benotzung vun den digitalen Technologien. Dës Consultatioun riicht sech ënner anerem u Persoune mat Behënnerung. Mam Service Stopline stellt BEE SECURE online e Formulaire zur Verfügung, mat deem spezifesch illegal Inhalter, déi engem am Internet begéinen, anonym a vertraulech signaléiert kënne ginn.

## 10


**Ëmsetzung vun Informatiounscampagnen oder -sitte** wéi spambee.lu a secure-iot.lu duerch SECURITYMADEIN.LU, der *Agence de Cybersécurité pour les Communes et l'Économie luxembourgeoise*, ënner der Tutelle vum Wirtschaftsministère, an Zesummenaarbecht mat der Nationaler Kommissioun fir den Dateschutz (CNPD) a BEE SECURE. „Spambee" ass eng Applikatioun, mat där potenziell geféierlech Spam-E-Mailen a -sitten analyséiert an denoncéiert kënne ginn. De Site „Secure internet of things" informéiert iwwer déi potenziell Gefore vun de Géigestänn, déi mam Internet verbonne sinn, a bitt Rotschléi fir eng méi sécher Benotzung.

## 11

**Schafe vum Portal „Cybersecurity Luxembourg"** duerch den Héije Kommissariat fir national Sécherheet, Luxinnovation a SECURITYMADEIN.LU, dat déi ëffentlech a privat lëtzebuergesch Acteuren, déi sech mat der Cybersécherheet beschäftegen, regruppéiert. D'Portal host ënner anerem Sensibiliséierungs- an Informatiounsinitiative wéi den Europäesche Mount fir d'Cybersécherheet an d'„Cybersecurity Week Luxembourg".

# Accès un digitalen Technologië vereinfachen

**Accès zu den digitalen Technologien heescht, datt jiddwereen Zougang zu den Informatiouns- a Kommunikatiounstechnologië soll hunn**. Et geet drëm, en Accès zu den IKT-Outilen an zum Internet garantéieren ze kënnen a sécherzestellen, fir datt den Inhalt, dee vum ëffentleche Secteur ugebuede gëtt, engem vilfältege Public zougänglech ass.




Den nationalen Aktiounsplang ass drop ausgeriicht, **den Accès ze erweideren an ze verbesseren an déi digital Inklusioun an der Gestaltung vun digitale Léisungen ze prioriséieren, fir eng besser Benotzerfrëndlechkeet an e verbesserten Accès ze garantéieren** (*digital inclusion by design*). D'Zil ass och, **d'Schafe vun ëffentleche Kontakt- an Zougangsstellen op nationalem a kommunalem Niveau ze fërderen**, an och passend Mëttelen zur Verfügung ze stellen, fir den Accès zu digitale Servicer a Produiten ze vereinfachen. Och wann en erweiderten a verbesserten Zougang zu den digitalen Technologië promovéiert muss ginn, wëll d'Regierung weiderhin en net digitalen Accès zu den ëffentleche Servicer garantéiere fir all déi, déi sech net fir déi digital Welt entscheeden.

## 01

**Aféierung vun engem Fuerschungsprogramm** duerch de Ministère fir Digitaliséierung an den *Interdisciplinary Centre for Security*, *Reliability and Trust* (SnT) iwwer d'Benotzerfrëndlechkeet vun den ëffentlechen digitale Servicer an déi soziotechnesch Aspekter vum Benotzerinterface an hir Auswierkung op d'digital Inklusioun. **De Fuerschungsprogramm ënnersicht, wéi déi nei Technologien an d'Fuerschung déi digital Inklusioun promovéiere kënnen**.

## 02

**Ëmsetzung vun der Strategie „Gouvernance électronique 2021-2025"** duerch de Ministère fir Digitaliséierung an den Zenter fir Informatiounstechnologië vum Staat (CTIE). D'Strategie ziilt drop of, **den eGovernment ze verstäerken** an den Iwwergang op de sougenannten „digital Governement" ze ënnerstëtzen, mam Zil, e reelle Méiwäert fir d'Bierger ze schafen.

Et geet drëm, eng **transversal digital Accessibilitéit ze fërderen**, benotzerorientéiert Servicer ze entwéckelen, attraktiv ëffentlech Online-Servicer unzebidden an an **d'Vertraue vun de Bierger** an d'ëffentlech Online-Servicer ze investéieren.

## 03

**Verstäerkung vun Efforten, fir liicht zougänglech staatlech digital Servicer a Produiten unzebidden**, déi iwwer de CTIE entspriechend dem Referenzmodell ReNow (Bezuchsmodell vun der Website-Normaliséierung) zougänglech sinn. Dëse Referenzmodell ass eng Demarche an eng Hëllef a puncto Web-Qualitéit fir déi staatlech Organismen an den ëffentleche Secteur an ëmfaasst vill Aspekter vun der Normaliséierung, wéi zum Beispill Qualitéitsstandarden, Web-Accessibilitéitsstandarden an eng benotzerorientéiert Approche.

## 04

**Kontinuéierlech Entwécklung a Bereetstellung** duerch de CTIE vun explikative Fichen iwwer déi digital administrativ Demarchen a **liichter Sprooch** op Guichet.lu.

## 05

**Lancéiere vun enger Etüd iwwer d'rechtlech an technesch Machbarkeet** duerch de Ministère fir Digitaliséierung fir eng eventuell Ëmsetzung vun enger **„digitaler Procuratioun"**, mat där eng Drëttpersoun digital administrativ Demarchë fir eng Persoun, déi hir nosteet, duerchféiere kann.

## 06

**Kontinuéierlech Entwécklung vun der mobiller Applikatioun MyGuichet.lu** duerch de CTIE, fir de Bierger en einfachen a mobillen Accès op hire private Beräich op MyGuichet.lu ze erméiglechen. Dës Moossnam ënnerstëtzt d'Entwécklung vum „accès cross media", deen an der „Gouvernance électronique 2021-2025" duergeluecht gëtt.

## 07

Analys, duerch de Ministère fir Digitaliséierung, vum **Dezentraliséierungspotenzial vu Guichet.lu**.

## 08

**Förderung an Entwécklung duerch de CTIE vun analogen, audiovisuellen an digitale Supporten**, fir sécher op déi ëffentlech digital Servicer zougräifen ze kënnen. Dobäi kann et sech ëm Instruktiounsvideoen, Online-Tutorialen, Flyeren, Broschüren oder Benotzer-Guiden handelen, déi dem Bierger eng Hëllef beim Aloggen a beim Benotze vun den digitalen ëffentleche Servicer garantéieren.

## 09

**Kontinuéierlech Evaluatioun vun der Accessibilitéit vun den ëffentleche Websäiten a mobillen Applikatiounen** duerch den Informatiouns- a Pressedéngscht (SIP) vun der Regierung.

Hei déngt den un de lëtzebuergesche Kontext ugepassten allgemenge Referenzsystem fir d'Verbesserung vun der Accessibilitéit (RGAA) als Accessibilitéitsreferenzmodell fir all d'lëtzebuergesch Verwaltungen. De SIP mécht Kontrolle vun der Accessibilitéit vun den ëffentlechen digitalen Inhalter an erstellt reegelméisseg Berichter iwwer d'Resultater.

Weiderhi geréiert de SIP d'Reklamatioune iwwer d'Accessibilitéit an assuréiert eng effikass Mediatioun tëschent de Bierger an de verschiddene Verwaltungen a sensibiliséiert déi verschidden Acteuren an d'Ëffentlechkeet fir d'digital Accessibilitéit an hire gesetzleche Kader zu Lëtzebuerg.

De SIP geréiert d'Portal iwwer d'digital Accessibilitéit https://accessibilite.public.lu, dat Accès op eng Rei Ressourcë bitt an erméiglecht, Sitten a mobil Applikatioune fir esou vill Persoune wéi méiglech zougänglech ze maachen. Et bitt och en Outil un, fir ganz einfach Accessibilitéitserklärunge fir all verëffentlecht Sitten an Applikatiounen ze generéieren.

## 10

**Ëmwandlung** duerch BEE SECURE, ënner der Tutelle vum Ministère fir Educatioun, Kanner a Jugend, vun all hiren aktuellen an zukünftege Publikatiounen, déi fir all Public, onofhängeg vun Alter, Behënnerung oder anere Facteuren, zougänglech sinn, **an d'Format PDF/U.A. *Universal Accessibility***.

## 11

**Ausschaffe vu Plattformen am sougenannten „universellen Design"**, déi inklusiv an zougänglech sinn, duerch den Nationalen Institut fir ëffentlech Verwaltung vum Ministère fir d'Fonction publique, bei de Verwaltungen a Gemengen, duerch déi fir Persoune mat Behënnerung oder amenagéierte Léierbesoinen Inhalter (Webinairen an E-Learningen) ugebuede kënne ginn.

## 12


**Weiderentwécklung vun der digitaler Accessibilitéit an der Sensibiliséierung fir déi verschidden entspriechend Erausfuerderungen** duerch d'Implementéierung vum nationalen Aktiounsplang fir d'Ëmsetzung vun der Konventioun iwwer d'Rechter vun de Persoune mat Behënnerung 2019-2024 duerch de Ministère fir Famill, Integratioun an d'Groussregioun. Deen Aktiounsplang envisagéiert eng méi systematesch Benotzung vun der Liichter Sprooch, fir d'Kommunikatioun fir a mat de Persoune mat Behënnerung ze verbesseren.

## 13

**Aféierung vun der Strategie „Une connectivité performante pour tous"** – der nationaler Strategie fir d'elektronesch Héichgeschwindegkeets-Breedband-Kommunikatiounsnetzer 2021-25 – duerch de Service fir Kommunikatioun a Medie vum Staatsministère. Fir en digitale Gruef ze vermeiden, gesäit d'Strategie virun allem d'Vernetzung vun alle Stéit vir, onofhängeg vun hirer sozialer Situatioun, dëst duerch geziilt Hëllefsmoossnamen. Esou gëtt geschat, datt bis 2025 all Stot iwwer eng Verbindung mat enger Download-Geschwindegkeet vun op d'mannst 100 MBps wäert verfüge kënnen, fir sech komplett an eng modern Gesellschaft ze integréieren.

# Digital Kompetenzen entwéckelen

Den technologesche Wandel bréngt mat sech, datt **d'digital Kompetenzen** ëmmer méi wichteg sinn, fir un enger vernetzter Gesellschaft deelzehuelen, Zougang zu Informatiounen ze hunn an de schwankenden Ufuerderunge vun der digitaler Wirtschaft gerecht ze ginn. D'digital Technologië beherrsche besteet doran, iwwer déi néideg digital Grondkenntnisser ze verfügen, fir d'IKT-Outilen an den Internet bewosst a virdeelhaft ze benotzen. D'digital Kompetenze ginn an dräi grouss Kategorien oder Haaptkonzepter agedeelt: **benotzen**, **verstoen** a **schafen**. Fir all eenzel vun dëse Fäegkeete gëtt et eng ganz Rei vu verschiddene Kompetenzniveauen, mee iwwer de Basisniveau an all dësen Niveauen ze verfügen, bedeit, datt eng Persoun déi néideg digital Kompetenzen huet, fir digital integréiert ze sinn.



Den nationalen Aktiounsplang fir digital Inklusioun konzentréiert sech op d'Entwécklung vun der **digitaler Informatiounskompetenz a vun der digitaler Biergerschaft**, fir de Leit ze erméiglechen, méi autonom a méi sécher an der digitaler Welt ze navigéieren.

D'Entwécklung vun den digitale Kompetenzen entsteet duerch eng Familiariséierung mat den digitalen Technologië vu Klengem un iwwer eng formell an net formell Educatioun an analog, audiovisuell an digital Mëttelen. Dobäi ass et wichteg, Formatiounen unzebidden, déi un déi verschidde Fäegkeetsniveauen ugepasst sinn an a verschiddene Sprooche proposéiert ginn, fir op d'Besoine vun den eenzelen Zilgruppen anzegoen, fir datt si an der Benotzung vun den digitalen Technologien autonom ginn. De Lëtzebuerger Staat, deen eng ganz Rei vun dezentraliséierten Initiativen uechter d'Land ubitt a sech op déi besteeënd Strukture stäipt, engagéiert sech, fir Méiglechkeete fir eng Ëmschoulung a fir d'Verstäerkung vun den digitale Kompetenzen unzebidden.

## 01

**Collaboratioun** tëschent dem Ministère fir Digitaliséierung an der ASBL Erwuessebildung **fir d'Ausschaffe vu Formatiounen an den digitale Kompetenzen**, déi un d'Besoine vun de verschiddenen Niveauen ugepasst sinn an a verschidde Sproochen ugebuede ginn. D'Formatioune ginn duerch analog, audiovisuell an digital Ressourcen ergänzt an den Organisatiounen, déi am soziale Secteur schaffen, gratis zur Verfügung gestallt, fir datt se fir esou vill Bierger wéi méiglech uechter de Grand-Duché zougänglech sinn.

## 02

**Ausschaffe vun engem Formatiounsmodüll an den Online-Banking-Servicer** („E-Banking") als Virbereedung op d'Benotze vun den digitale Bank-Servicer duerch de Ministère fir Digitaliséierung an de Ministère fir Konsumenteschutz an an Zesummenaarbecht mat der Commission de Surveillance du Secteur Financier, der ASBL Erwuessebildung an der Fondation ABBL pour l'éducation financière.

## 03

**Ausschaffen**, duerch de Ministère fir Digitaliséierung, **vun enger participativer Formatioun** iwwer d'digital Inklusioun fir d'Associatiounen an d'Organisatiounen, déi zoustänneg si fir Zilgruppen, déi an der digitaler Welt net doheem sinn. Am Workshop gëtt d'Personal iwwer d'Theemen an d'Offeren am Beräich vun der digitaler Inklusioun forméiert an informéiert, fir esou déi digital Inklusioun vun hiren Zilgruppen ze vereinfachen.

# 04

**Ëmsetzung vun der digitaler Bildungsstrategie *einfach digital*** duerch de Ministère fir Educatioun, Kanner a Jugend, mam Zil, de Kanner vu Klengem un déi digital Technologië méi no ze bréngen.

De *Medienkompass*, e Referenzguide fir d'Medienerzéiung an d'Erzéiung mat Medien, stellt den allgemenge Kader vun der Strategie. Dëse Guide hëlleft dem Léierpersonal an den Erzéier, d'Kanner an déi Jonk fir d'Benotzung vun de Medien ze sensibiliséieren an ze forméieren.

D'Strategie huet Pläng fir e systematescht Enseignéiere vum Codéieren a vum informateschen Denken an alle Programmer vum Fondamental a vum Secondaire agefouert. Vum Schouljoer 2020/2021 un ass Codéieren Deel vum Mathematiksunterrecht am Cycle 4 vum Enseignement fondamental a vu September 2021 un och an den anere Cyclen.

Vun der Rentrée vum Schouljoer 2021/2022 u gëtt en neie pluridisziplinäre Cours *Digital sciences* progressiv an allen ënneschte Klasse vum Enseignement secondaire classique a général agefouert, mam Zil, technologesch, mënschlech a kognitiv Kompetenzen ze entwéckelen, fir kënnen erfollegräich a sécher an engem digitaliséierten Ëmfeld ze evoluéieren.

De Centre de gestion informatique de l'éducation (CGIE) setzt weiderhin d'Initiativ *Digital Classroom* an déi méijäreg national Strategie „one2one" ëm, bei där et drëm geet, Tablette vum Typ iPad bis 2023 an alle Schoule vum Secondaire anzeféieren an doraus e Produktiouns- a Léieroutil am Déngscht vun der Pedagogie ze maachen.

## 05

Offer vu **Formatiounen iwwer eng sécher Benotzung vum Internet** fir d'Kanner an déi Jonk aus dem Fondamental an aus dem Secondaire souwéi fir eeler Leit duerch d'Initiativ BEE SECURE, ënner der Tutelle vum Ministère fir Educatioun, Kanner a Jugend.

BEE SECURE bitt de Multiplicateuren, d. h. dem Léierpersonal an den Erzéier, Formatiounen iwwer déi aktuell Tendenzen an d'Verhale vun de Jonken am Internet un. Eng Formatioun a pedagogescht Material vu BEE SECURE fanne sech am neie Cours *Digital sciences* erëm, dee vun der Rentrée 2021/2022 un an den ënneschte Klasse vum Secondaire enseignéiert gëtt. E spezielle Formatiounscours fir d'Léierpersonal presentéiert pedagogescht Material vu BEE SECURE, mat deem eng responsabel a sécher Benotzung vun den digitalen Technologien enseignéiert ka ginn an dat och nëtzlech ass fir Personal, dat a Kontakt mat Persoune mat Behënnerung ass.

Ausserdeem bitt BEE SECURE Owenter u fir d'Elteren an och Formatioune fir Schüler oder Gruppe vu Kanner oder Jonken am Kader vun de Maison-relaisen oder Jugendhaiser.

## 06

**Steigerung vum Interessi un de STEM-Fächer duerch Initiative wéi „Scienteens Lab – De Labo fir Jonker", „Luxembourg Science Center", „BEE CREATIVE" a „Science.lu"** vum Ministère fir Educatioun, Kanner a Jugend.
Am Kader vun der Initiativ „BEE Creative" koordinéiert de Service national de la jeunesse de Makerspace Base1, en Espace, wou déi Jonk hir eege Projeten an Zesummenaarbecht mat Experten a verschiddenen technologeschen an digitale Beräicher realiséiere kënnen. Ausserdeem koordinéiere BEE CREATIVE an de SCRIPT 24 Makerspaces a Lycéeën op regionalem Niveau an och 4 Makerspaces a Maison-relaisen a Grondschoulen op kommunalem Niveau.

Mat der Ënnerstëtzung vum nationale Fuerschungsfong huet de Service national de la Jeunnese de Projet „Makerkoffer" agefouert: eng Aktivitéitewallis ronderëm d'Codéiere fir Kanner vun 8 Joer un, déi jiddwerengem gratis op Däitsch, Franséisch an Englesch zur Verfügung gestallt gëtt.

## 07

Offer vun enger Rei vun **interaktiven Informatiounsversammlunge vu Seniore fir Senioren** „Silver Surfer – surfer en toute sécurité" vu BEE SECURE, wärend deenen d'Participanten d'Grondlage vum Ëmgang mat den neie Medien an aller Sécherheet léieren an och vu praktesche Rotschléi profitéieren.

## 08

**Propositioun vu spezielle Coursë fir eng Basisausbildung an den digitalen Technologien** duerch de Service Erwuessenebildung vum Ministère fir Educatioun, Kanner a Jugend. D'Coursë vun der Basisausbildung ginn uechter d'Land organiséiert an erméiglechen eng individuell Approche. Ausserdeem bezitt de Service fir d'Erwuessenebildung d'Entwécklung vun digitale Grondkenntnisser och an d'Programmer vun der sproochlecher Integratioun mat an, genee wéi och an d'Integratiounsklasse vum zweete Bildungswee.

## 09

**Berufflech Neiorientéierung vu Fraen a Färderung vun hirer Roll an de Beruffer vun der Cybersécherheet** duerch SECURITYMADEIN.lu an Zesummenaarbecht mat Cyberwayfinder.com an der ASBL „Women Cyber Force".

## 10

**Organisatioun vum alljärleche „Lëtz Cybersecurity Challenge"** duerch SECURITYMADEIN.lu an de Wirtschaftsministère fir bei de Jonken den Interessi ze erwächen a se ze encouragéieren, eng Karriär an der Cybersécherheet an den domat verbonnenen Disziplinnen anzeschloen.

## 11

**Organisatioun vu gratis Workshoppen** am Kader vun der internationaler Initiativ „Rails Girls", fir Meedercher a Fraen an d'Codéieren anzeféieren, dëst duerch d'Initiativ Digital Luxembourg an Zesummenaarbecht mat der ASBL WIDE. D'Participantë vun de Workshoppe kreéiere Web-Applikatioune mat Hëllef vum Programméieroutil Ruby on Rails, fir esou hiren Interessi um Codéieren an un den ugrenzenden Disziplinnen ze erwächen.

## 12

**Gouvernance vun der „Digital Skills and Jobs Coalition"** duerch d'Initiativ Digital Luxembourg mat der Chambre de Commerce an der Chambre des Métiers. D'Koordinatioun iwwerhëlt d'ASBL WIDE a Concertatioun mat der Initiativ Digital Luxembourg. D'„Digital Skills and Jobs Coalition" ass esouwuel eng Plattform fir den Austausch an de Matchmaking tëschent der Offer an der Demande fir digital Formatiounen a fir d'Férderung vun de grondleeënden a fortgeschrattenen digitale Kompetenzen.

## 13

**Formatioun iwwer d'digital Accessibilitéit** vun den Employéen aus dem ëffentleche Secteur duerch den Informatiouns- a Pressedéngscht (SIP) vun der Regierung, mam Zil, d'Erausfuerderunge vun der digitaler Accessibilitéit, d'Krittäre vun der digitaler Accessibilitéit an hire gesetzleche Kader zu Lëtzebuerg ze sensibiliséieren. Et geet drëm, d'Abezéien an d'Ëmsetzung vun der Accessibilitéit bei de verschiddenen Etappe vun den digitale Projeten ze garantéieren.

## 14

**Koordinatioun an Entwécklung vun de Projete Fit4DigitalFuture 2.0, *Future Skills Initiative* a *Basic Digital Skills*** duerch de Ministère fir Aarbecht, Beschäftegung a fir Sozial- a Solidarwirtschaft. Dës Projete vermëttelen den Demandeur-d'emploie grondleeënd Informatiks-, Techniks- a Verhalenskompetenze fir hir digital Informatiounskompetenz an Autonomie ze entwéckelen.

## 15

**Kontinuéierlech Weiderentwécklung vun der „Digital Academy"** vum Ministère fir d'Fonction publique am Nationalen Institut fir ëffentlech Verwaltung (Inap), fir all deenen, déi beim Staat ugestallt sinn, ze erméiglechen, Formatiounen an der Entwécklung vun den digitale Kompetenzen ze maachen.


D'Zil ass, de Mataarbechter Bilane vun hiren digitale Kompetenzen ze proposéieren an déi staatlech Employéë bei der Digitaliséierung ze begleeden, andeem se duerch Formatiounen a Form vu Webinairen an/oder E Learninge mat den digitalen Technologië familiariséiert ginn.

Den INAP proposéiert digital ICDL-Formatiounen (*International Certification in Digital Literacy*) fir d'Mataarbechter am Kader vu hire Virbereedungsformatiounen an hirer Formation continue.

## 16

**Begleedung vun de jonken Demandeur-d'emploien** duerch de Ministère fir Aarbecht, Beschäftegung a fir Sozial- a Solidarwirtschaft iwwer de Projet Youth eAcademy. De Projet bitt de jonken Demandeur-d'emploien, déi bei der ADEM ageschriwwe sinn, d'Méiglechkeet, autonom déi Kompetenzen ze stäerken, déi si interesséieren an déi si fir d'Verwierklechung vun hirem beruffleche Projet fir noutwendeg halen. D'ADEM bitt de Jonken ënner drësseg Joer och e gratis Accès op d'E-Learning-Plattform „Belearn". Iwwer dës Plattform kënnen d'Kandidaten u vill verschiddenen digitale Formatiounen deelhuelen, an dat a 5 verschiddene Sproochen.

# SUIVI AN EVALUATIOUN



Dësen Aktiounsplang ass dynamesch an erlaabt et, déi permanent Verännerungen op verschiddenen Niveauen ze berücksichtegen. De Ministère fir Digitaliséierung assuréiert weiderhin de Suivi vun der Ëmsetzung, andeem e sech op den interministeriellen Aarbechtsgrupp fir d’digital Inklusioun stäipt.

Fir dem dynamesche Charakter vun dësem Plang gerecht ze ginn a Plaz ze schafe fir eventuell periodesch Upassungen, déi déi spezifesch Besoinen an technologesch Verännerunge berücksichtegen, wäert de Plang all Joer evaluéiert ginn.

**2021**

Offiziell Publikatioun vum Aktiounsplang

**2022**

Suivi vun de Key Performance Indicators (KPI)

**2023**

Presentatioun vun enger Bestandsopnam vum Aktiounsplang

**2024**

Analys a Revisioun vun den Ziler vum Aktiounsplang

**Léif Lieserinnen,**
**Léif Lieser,**

Digitaliséierung erméiglecht ëmweltfrëndlech Léisungen. Dës Broschür gouf och an deem Sënn entworf! Dofir sinn nohalteg Grafiknormen am Design vun dësem Dokument benotzt ginn.

De minimalisteschen Design souwéi Faarwen, Format, Typ Pabéier, de Standuert vun der Dréckerei a CO2 Footprint garantéieren eng ekologesch optimal Léisung.

Dës Broschür fannt Dir op www.digitalisation.lu ënnert der Rubrik „Publikatiounen” op Franséisch, Däitsch, Englesch a Lëtzebuergesch.